PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/07/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Digitalisatioun weiderzeleeden.

Verschidde Ministèren verschécken mëttlerweil Bréiwer, op deenen ee QR-Code um Blat opgedréckt ass. Wien versicht de QR-Code fir eng Echtheetsprüfung bei *gouvcheck.lu* ze notzen, dee gëtt enttäuscht, well de QR-Code op dëser Plattform als "invalid" erkannt gëtt. Beim Dekodéiere vun de QR-Coden fënnt een allerdéngs verschidden Informatiounen. Beim Bréif fir d'Verdeele vun de gratis Masken aus dem Juni 2020 fënnt een zum Beispill, datt de QR-Code den Numm "Data_Matrix" dréit an d'Coden op all Säit vum Bréif ënnerschiddlech sinn. D'QR-Coden variéieren doriwwer eraus jee no Destinatär vum Bréif.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wat genee beinhalt dee Marquage vu ministerielle Bréiwer? Beinhalt de QR-Code perséinlech Donnéeën? Falls jo, wéi eng an op wéi enger legaler Basis ginn se erhuewen a wat ass d'Verbindung tëschent dem QR-Code an de perséinlechen Donnéeën?

2. Kéint mat dësem QR-Code ee Suivi gemaach ginn, zum Beispill am Kontext vun der Verdeelung vun de Masken, wien seng Maske siche war a wien net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député